

Rapport vun der Assemblée générale vum Elterecomité vum 2. Oktober 2014

Vum Comité waren präsent : Majerus, Frank, Schimoff, Thiry, Weidig

Ufank vun der Sëtzung: 19.00 Auer

Begréissung vun der Präsidentin (Christine Majerus)

Mir ware frou, den Här Christnach, Direkter vum LjBM, d'Madame Christnach an d'Madame Linster vum Proffecomité, den Här Weydert vum Mamer Gemengerot, eis aktiv Comitésmemberensouwéi och déi interesséiert Elteren ze begrüessen.

Aktivitéitsbericht (Christine Majerus)

D'Madame Majerus huet den Aktivitéitsbericht 2012/2013 virgestallt:

✚ Busligne Äischen-Habscht via Mamer Lycée (no 10 Joer laanger Ufro endlech do)

✚ Präsenz vun eisen Comitésmemberen am

- Conseil d'éducation
- Comité de sécurité
- Commission de restauration
- Projet d'établissement

✚ Präsenz vun Comitésmemberen bei der Fapel

- Ausbildungsprogrammer
- Réuniounen an Seminaren
- Assemblée générale Fapel

✚ Subsiden

- SCHOOL'S CUP => 380 EURO
- Museks- an Theaterowend => 500 EURO
- TALENTOWEND => 500 EURO
- SPOS => 500 EURO
- VOYAGE EDUCATIF LONDON => 180 EURO
- REMISE DES PRIX => 300 EURO
- Party Ljbm 2 Euro /élève => 224 EURO

✚ Präsenz vun eisen Comitésmemberen

- op der Remise des prix an der Diplomiwwerreechung
- Museks- an Theaterowend
- Talentowend
- Présentatioun School'scup
- Séance académique => 10ten anniversaire
- Portes ouvertes : Cafeteria
- Party Ljbm Gedrénksstand
- Alles op de Velo

Rapport vum Trésorier (Serge Schimoff)

Den Här Schimoff huet eis schein Keessebericht 2013/2014 presentéiert, wou eisen aktuellen Stand sech op 5.720,95 Euro beleeft.

D' Revisoren hunn d 'Keess iwwerpréift an do war alles an der Rei.

D 'Assemblée huet dem Caissier duerch Klappen seng Décharge ginn.

De Stand vun eisen aktive Memberen am Comité

D'Sekretärin Simone Frank huet sech besuergt driwwer gewisen wat déi aktuell Situatioun am aktiven Comité betrëfft. Vü datt ëmmer méi Memberen, deenen hir Kanner d'Schoul ofgeschloss hunn de Comité verloossen mussen an net méi genuch Memberen bäikommen, huet si versicht d'Elteren ze sensibiliséiere fir am Comité aktiv matzeschaffen. Et ass eng flott a wichteg Aufgab am Déngscht vun der schoulescher Educatioun vun den Kanner a wichteg fir ee Mateneen a Fireneen am Lycée ze garantéieren. Duerch de gudden Dialog tëscht Proffecomité, der Direktioun an dem Elterecomité wëll de Comité och weiderhin e konstruktivt Schaffen am Déngscht vun der Schoul an den Schüler erméiglechen, an dofir si mir onbedingt op aktiv Memberen an hir Hëllef ugewisen. Avis aux amateurs!

Si huet och den austriedende Memberen, der Presidentin Chris Majerus, de Memberen Nelly Michels, Karin Struck an Dany Weidig fir hire groussen Asaz an hiert gudd Schaffen e ganz grouse Merci gesot an et zudéifst bedauert, datt si net méi derbäi kënnen sinn, vü dat hir Kanner d'Schoul zu Mamer ofgeschloss hunn.

Den aktuellen Stand vun aktiven Comitésmemberen beleeft sech elo op véier Memberen, déi do sinn: Simone Frank, Danielle Thiry-Blang, Manuela Reuter a Serge Schimoff.

D'Wuert vum der Direktioun an dem Proffecomité

D'Madame Linster an d'Madame Christnach vum Proffecomité an den Direkter, den Här Christnach, hunn den austriedende Memberen e ganz groussen Merci ausgeswat fir hier wäertvoll Aarbecht am Comité, a si hunn och nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun dem Elterecomité ënnerstrach, an et wär och an hirem Sënn, datt den Comité weider bestoen ka bleiwen, an och si wëllen d'Elteren derzou sensibiliséieren, matzeschaffen .

Den Här Christnach huet och proposéiert, datt den Elterecomité op de 7e-Réunionne soll vertraueden sinn an och am Festsall e puer Wuert iwwert den Comité géif soen. Domatt kann ee probéiere, verschidden Elteren ze sensibiliséiere fir an den Comité ze kommen. D'Iddi ass ganz gudd beim Elterecomité ukomm a si wäerten dat an Ugrëff huelen.

Ausserdem verdeelt d'Direktioun de Regentë Bréiwer fir Member ze ginn am Elterecomité. Déi ginn dann bei de 7es-Réunionen an de Klassensäll vun de Regentën un d'Eltere verdeelt.

Ofschloss

D'Madame Majerus huet den Invitéeë merci gesot fir hiert Kommen. Den Här Christnach huet nach op e Patt invitéiert an sou ass den Owend flott ofgeschloss ginn.

Mir soen all eise Memberen Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Enn vun der Sëtzung : 21.00 Auer

Simone Frank
Sekretärin